# Mediensplitter

## Däerf eng Zeitung eng parteipolitesch Meenung hun?

*D'Wahle fir den däitsche Bundestag sin eriwwer, a Kanzler as dee bliwwen, deen et scho véier Joer laang as. Eppes war trotzdem nei während der Campagne. Eng Zeitung huet et fir d'éischte Kéier gewot, dem Wieler eng Recommandatioun mat op de Wee ze gin. Déi däitsch Éditioun vun der* **Financial Times** *huet sech fir de Edmund Stoiber als dee bessere Kandidat ausgeschwat. Dat huet dem saumonsfaarwege Blad en etlech Kritik abruecht.*

Dat gouf et nach ni an der Geschicht vun der Bundesrepublik: eng Zeitung, déi hiere Lieser an de Bierger am allgemenge seet, fir wie si deen nächste Sonndeg solle wielen. Op enger ganzer Säit an ënnert der Iwwerschrëft „Zäit fir e Wiessel" huet déi däitsch Éditioun vun der *Financial Times* an engem Editorial expliżéiert, firwat si den Edmund Stoiber fir dee bessere Choix par rapport zum Gerhard Schröder hält. Do as scho kengem méi esou richteg opgefall, datt d'Ënnerstëtzung vum Wirtschaftsblad éischter wodleg ausgefall as: „Trotz all de Bedenken offréiert d'Unioun déi besser Aussiichte fir eng Politik, déi d'Croissance an déi international Integratioun an de Mëttelpunkt setzt", konnt een am zentrale Saatz liesen. D'*Financial Times Däitschland* huet sech domadder an eng Traditioun agereit, déi et an den angelsächsesche Länner zanter ëmmer an éiweg gët.

Mee iewen nët a Kontinentaleuropa a scho guer nët an Däitschland. Genee dat huet de fréiere Präsident vum däitsche Journalisteverband kritiséiert. „Journaliste sollen informéieren, kritiséieren, kontrolléieren an orientéieren", fuedert de Siegfried Weischenberg, „mee nët missionéieren." An der Approche vun der *Financial Times Däitschland* gesäit hien duerfir eng „Bevormundung vum Lieser". Do schéngt mir de Professor vun der Universitéit vun Hamburg allerdéngs e wéineg z'iwwerdreiwen. Genee wéi all déi Leit, déi gejaut hun, hei wäer en Tabu gebrach gin. D'Welt spréngt nët direkt aus de Gleiser, nëmme well een eng Praxis aus dem Ausland kopéiert. Natierlech gët et Lieser, déi bestëmmt den éischten Ament irritéiert sin, wa si an der Zeitung eng ausdrécklech Recommandatioun fir d'Wahle fannen — besonnesch wa si nët hiren Iddien entsprécht. Nëmme jhust: Fënnt een nët stänneg Commentairen an der Presse, déi engem nët schmaachen? Ech géif éischter mengen, grad dowéinst liest een eng Zeitung — fir ze kucken, wat d'Éditorialiste iwwert e bestëmmte Sujetë ze soen hun. Et steet jo néirens geschriwwen, datt een d'Argumenter muss akzeptéieren.

**Den Éditorial vun enger amerikanescher oder englescher Zeitung as an der Regel nët gezeechent, well hien d'Meenung vun der Zeitung an nët vun engem eenzelnen Auteur erëmspigelt.**

Natierlech baséiert déi angelsächsesch Traditioun vum *endorsement* op engem eegene journalistesche Selbstverständnes. Den Éditorial vun enger amerikanescher oder englescher Zeitung as an der Regel nët gezeechent, well hien d'Meenung vun der Zeitung an nët vun engem eenzelnen Auteur erëmspigelt. Duerfir ënnerhalen déi grouss Blieder eng eege Redaktioun vu Spezialisten, déi d'Aktualitéit an hirem Domaine am Numm vun der Zeitung kommentéieren. Do dernieft gët et regelméisseg Kolumnisten a geleëntlech Meenungsschreiwer. Si suerge fir de Pluralismus an der Zeitung, mee drécken nët onbedéngt déi allgemeng Linn vum Blad aus. Un dës Praxis huet sech och d'*Financial Times Däitschland* gehal. Dobäi muss ee wëssen, datt d'Redaktioun an zwee gespléckt war: d'Chefredaktioun war, wéi bekannt, fir de Stoiber, aner wichteg Journalisten hätte léiwer eng Recommandatioun fir déi Gréng ofgin. No dem anonyme Leitartikel fir de Wiessel as den Dag drop e Plädoyer vun dräi Spëtzeredaktere fir déi aktuell Regirung ze liese gewiescht — wuelverstan, ënnert hierem Numm.

Souwisou war déi ganz Opregung em d'Recommandatioun vun der *Financial Times Däitschland* jhust en Deel vun der Wahlcampagne, wann een dem Kölner *Medien Tenor* däerf gleewen. Dëse Mediefuerschungsinstitut analyséiert déi iwwerregional däitsch Zeitungen an Televisounen. „Eng Wahlrecommandatioun as nët eréischt dann eng Wahlrecommandatioun, wann e Medium sech explizit zu engem Kandidat oder enger Partei bekennt", sot de Chefredakter vun dem Newsletter, deen de *Medien Tenor* all

Mount publizéiert. Dem Institut séng Konklusioune ware klor: Eleng déi alternativ *Tageszeitung* oder *taz* as op der SPD-Schinn gefuer. *Süddeutsche Zeitung* a *Frankfurter Rundschau* waren däitlech méi kritesch mat de Sozialdemokraten an hu sech éischter als Frënn vun deene Grénge gewisen — genee wéi *Spiegel, Stern, Zeit* an *Tagesthemen*. CDU an CSU waren d'Favorite vu *Bild, FAZ, Welt* a *Focus*, awer och an den Neiegkeete vun halwer 7 op *Sat.1*. Präferenze fir déi Liberal vun der FDP hate *Rheinischer Merkur, Heute Journal* an *Tagesschau*.

Bleift um Enn jhust eng Fro: Hun d'CDU/CSU an den Edmund Stoiber d'Wahle verluer *wéinst* der ausdrécklecher Recommandatioun vun der *Financial Times Däitschland*, oder hun d'SPD an de Gerhard Schröder si gewonnen trotz der ni declaréierter Oppositioun vun der *Bild*-Zeitung? Mir perséinlech as jiddefalls eng Zeitung léiwer, déi seet, wou si politesch steet, wéi eng, déi sech de Mäntelchen vun der Neutralitéit iwwerstrëppt a verstoppte Wahlpropaganda bedreift. Zu Lëtzebuerg stellt sech dës Fro gléckllecherweis nët. Do muss keng Zeitung eng Recommandatioun ausspriechen, fir datt de Lieser weess, wou e politesch drun as. Jhust mat der Trennung vu Commentaire a Reportage huele mir et nët esou genee wéi d'angelsächsesch Journalisten.

*(Fräie Micro um honnert,7 vum 9. Oktober 2002)*